LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Äntwert vun der Ministesch fir Digitaliséierung op d'parlamentaresch Fro n° 2901 vum 19. September 2025 vum Här Deputéierte Sven Clement.**

1. **Firwat kënnen eIDAS-Identitéitsmëttelen aus aneren EU-Länner op MyGuichet.lu nëmme fir d'Registréierung, awer net fir d'Ënnerschreiwe benotzt ginn?**

Den europäesche Reglement (EU) Nr. 910/2014 (eIDAS-Reglement) reegelt déi géigesäiteg Unerkennung vun nationalen elektroneschen Identifikatiounsmëttele vun de Memberstaate fir d'grenziwwerschreidend Authentifikatioun vun Online-Servicer (Artikel 6), an déi géigesäiteg Unerkennung vu qualifizéierten elektroneschen Ënnerschrëften a qualifizéierten Apparater fir d'Erstelle vun elektronesche Signaturen (Artikel 24a).

Den eIDAS-Reglement reegelt awer net d'Erstelle vun elektroneschen Ënnerschrëften iwwer en Identifikatiounsmëttel.

Dowéinst sinn e puer vun den Identifikatiounsmëttelen, déi vun eIDAS unerkannt ginn, och qualifizéiert Geräter fir d'Erstelle vun elektroneschen Ënnerschrëften, wéi zum Beispill d'Lëtzebuerger elektronesch Identitéitskaart. Dës Léisungen erlabe souwuel grenziwwerschreidend Online-Authentifikatioun wéi och d'Erstelle vu qualifizéierten elektroneschen Ënnerschrëften.

Aner national Identifikatiounsmëttelen, déi vun eIDAS unerkannt ginn, bidden dës Funktionalitéit fir d'Erstelle vun elektroneschen Ënnerschrëften net, wéi zum Beispill d'Mobilapplikatioun "France Identité" a Frankräich oder d'Smartcards "EFOS" a Schweden. Verschidden Identifikatiounsmëttele kënne benotzt gi fir e qualifizéierten Zertifikat fir d'elektronesch Ënnerschrëft vu bestëmmten europäesche qualifizéierte Vertrauensdéngschtleeschter ze kréien, awer si erlaben u sech keng elektronesch Ënnerschrëft, an de Benotzer muss dofir en zousätzleche Service abonéieren.

Nieft dem Manktem u juristescher Basis gëtt et och keng technesch Harmoniséierung vun de Methode fir d'Erstelle vun elektroneschen Ënnerschrëfte mat Hëllef vun engem Identifikatiounsmëttel. Zum Beispill gëtt d'grenziwwerschreidend Authentifikatioun iwwer eIDAS op Online-Servicer wéi MyGuichet.lu duerch gemeinsam europäesch technesch Spezifikatioune gereegelt, déi sech net mat elektroneschen Ënnerschrëfte beschäftegen. Ouni Harmoniséierung op europäeschem Niveau kann d'Interoperabilitéit net garantéiert ginn.

2. **Wéini plangt d'Regierung, déi voll eIDAS-Kompatibilitéit ze implementéieren, sou datt europäesch Bierger dës elektronesch Identifikatioun och fir d'Ënnerschreiwe vun administrative Virgäng zu Lëtzebuerg kënne benotzen?**

De Manktem u Synergien an Harmoniséierung tëscht Identifikatiouns- a Kreatiounsfunktiounen vun elektroneschen Ënnerschrëften ass eng bekannt Schwächt vun der éischter eIDAS-Regelung. Fir dëse Problem ze léisen, huet den europäesche Règlement (EU) Nr. 2024/1183 (eIDAS2-Reglement) de Konzept vun engem europäeschen digitalen Identitéitsportemonnaie agefouert (« European Digital Identity Wallet »).

Dëse „Wallet“ wäert en elektroneschen Identifikatiounmëttel sinn, deen et de Bierger och erlaabt, mat enger qualifizéierter elektronescher Ënnerschrëft z'ënnerschreiwen. Ausserdeem, obwuel e puer Memberstaaten de Moment keen unerkannten eIDAS-Identifikatiounsmëttel hunn, ass d'Bereetstelle vun engem digitale Wallet fir all Memberstaat obligatoresch, sou dass herno den Zougang zu der qualifizéierter elektronescher Ënnerschrëft fir all europäesche Bierger garantéiert ass.

De Wallet gëtt och op Basis vu gemeinsamen europäeschen technesche Spezifikatioune konzipéiert, fir d'Interoperabilitéit bannent der Unioun vun allen nationale Wallet-Implementatioune sécherzestellen. Besonnesch de Règlement d‘exécution (EU) 2024/2979 setzt technesch Standarde fest, déi fir all Wallet gemeinsam sinn, fir d'Kreatioun vu qualifizéierten elektroneschen Ënnerschrëften.

De Gesetzesprojet 8583 beschreift d'Modalitéiten, déi fir d'national Wallet-Léisung geplangt sinn.

3. **Fonctionéieren d’”titre de séjour” mat gouvID ? Wann net, firwat fonctionéiert dat net a plangt de Ministère hei an Zukunft nozebesseren?**

Wann d'Bierger eng nei Identitéitskaart kréien, kënnen se ufroen, datt e LuxTrust-Zertifikat an den Chip vun der Kaart integréiert gëtt. D'GouvID-Applikatioun erlaabt et, e Smartphone als Lieser fir de kontaktlose Zougang zum LuxTrust-Zertifikat ze benotzen. Den Chip fir "titre de séjour" enthält kee LuxTrust-Zertifikat, dofir kënnen déi net mat GouvID benotzt ginn. Am Fall wou den "titre se séjour" mat engem Luxtrust-Zertifiakt wéi op den Identitéitskaarte giff equipéiert ginn, wäert déi aktuell Applikatioun GouvID deen Zertifikat och kenne liesen.

Lëtzebuerg, den 24/10/2025.

D’Ministesch fir Digitalisierung

(s.) Stéphanie Obertin